N° 8049
Entrée le 01.06.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 01.06.2023

FRAKTIOUN CSV

Ministère de l'Agriculture,
de la Viticulture
et du Développement rural.
Référence: 3432/2023
- 1 JUIN 2023
A traiter par:
Copie à:

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, den 1. Juni

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Energieminister an un den Här Landwirtschaftsminister weiderzeleeden.

Wéinst den héijen Energiepräisser war am Tripartite-Accord vum September 2022 eng staatlech Ënnerstëtzung festgehale ginn, fir d'Leit bei de Stroumkäschten ze entlaaschten. Zanter dem 1. Januar 2023 kréie Stéit, déi manner ewéi 25.000 kWh Stroum am Joer verbrauchen, eng staatlech Bäihëllef. Eng Rei vu Bauerebetriber hunn awer just e Compteur fir d'Wunnhaus a fir d'Ställ zesummen. Doduerch läit hire Gesamtstroumverbrauch meeschtens iwwert der Grenz vu 25.000 kWh am Joer. Well eng getrennten Ofrechnung net méiglech ass, kréien si keng Energieprimm. An deem Kontext wollt ech folgend Froen un den Här Energieminister an un den Här Landwirtschaftsminister stellen:

- Ass sech d'Regierung bewosst, datt eenzel, virun allem eeler Bauerebetriber just ee Stroumzieler hunn an dowéinst net an de Genoss vun der Energieprimm kommen, och wann de private Verbrauch am Haus ënnert der Limite vu 25.000 kWh am Joer läit?
    - Wa jo, ass d'Regierung bereet, eng Léisung ze sichen, fir datt och des Betriber eng Energieprimm kréien, fir déi héich Stroumkäschten ofzefiederen?
    - Wéi kéint esou eng Reegelung ausgesinn?

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

**Martine Hansen**

**Deputéiert**

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Énergie et de
l'Aménagement du territoire

Département de l'énergie

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Energie a vum Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n°8049 vum 1. Juni 2023 vun der éierewäerten Deputéierte Madamm Martine Hansen iwwert "Aides énergétiques"**

Den integréierte Stroumpräis setzt sech aus de folgenden Elementer zesummen:

- Käschte fir déi elektresch Energie;
- Käschte fir d'Benotzung vum Stroumnetz;
- Contributioun an de Mécanisme de compensation;
- Stroumsteier an TVA.

D'Stabiliséierung vum Stroumpräis, sou wéi en am Tripartite-Accord festgehale gouf, ass eng Moossnam fir de Privatleit am Kader vun der Energiekris, déi duerch d'russesch Aggressioun géint d'Ukrain ausgeléist ginn ass, ënnert d'Äerm ze gräifen, andeem d'Stroumpräisser fir 2023 op dem Niveau vun 2022 stabiliséiert ginn. Des Mesure gëtt iwwert d'Contributiounen an de "Mécanisme de compensation" (MDC), konform zum ëmgeännerte Règlement grand-ducal vum 31. Mäerz 2010 iwwert de Mécanisme de compensation am Kader vum Stroummarché, gereegelt. An dësen Deeg soll d'Verlängerung vun dëser Mesure bis Enn 2024 an der Chamber gestëmmt ginn, fir d'Inflatioun weiderhin ze bremsen an eise Bierger weiderhi beim Stroumpräis eng stabil Situatioun an dësen onsécheren Zäiten ze garantéieren.

D'Mesure aus dem Tripartite-Accord gouf duerch eng méi héich staatlech Contributioun an den MDC ëmgesat. Konkret heescht dat, dass Kategorie A Clienten, also déi, di manner wéi 25 000 kWh am Joer verbrauchen, eng negativ Contributioun beim MDC kréien. Amplaz also an den MDC anzebezuelen, kréie Kategorie A Clienten duerch déi staatlech Contributioun eng Reduktioun ob hirer Rechnung.

Di vaste Majoritéit vun den 270 000 Haushaltsclientë falen an dës Kategorie a kruten an der Energiekris domat onbürokratesch an effektiv gehollef.

Duerch historesch Ëmstänn si bei eenzele Bauerebetriber souwuel de privaten Haushalt wéi och de Betrib un engem gemeinsame Compteur ugeschloss. Doduerch falen dës Häff oft iwwert de Seuil vun der Kategorie A a kënnen net vum negativen MDC-Tarif profitéieren.

Et muss een heibäi awer preziséieren, datt den Tarif B längerfristeg dee méi gënschtegen Tarif ass.

Den Energie- an de Landwirtschaftsministère hunn des Problematik zesummen analyséiert a béid Ministèrë sinn och zesumme mat der Klima-Agence am Austausch mat den Acteure fir de Baueren et ze erlaben, fir optimal vun der Energietransitioun ze profitéieren.

Lëtzebuerg, de 4. Juli 2023
(s.) Claude Turmes
Minister fir Energie